Mir freeën eis lech matzedeelen, dass de Réidener Kanton sech säit Januar 2021, zesumme mat all senge Gemengen, der Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl (EBL) ugeschloss huet. Dëst bedeit, dass souwuel de Kanton, wéi och all seng Gemengen, ab elo vun hierer Servicer profitéieren an Ënnerstëtzung bei Ëmweltprojete kënnen kréien. De Réidener Kanton ass domat och deen éischte Kanton, dee komplett als Regioun bei der EBL ass, wat och nach emol déi eenzegaarteg regional Kooperatioun vum Réidener Kanton ënnersträicht!

D'Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl (kuerz „EBL“) gouf 1992 gegrënnt an ass de Veräin vun den Ëmweltberoder hei am Land. Sie sinn eng onofhängeg a neutral Ëmweltberodungsorganisatioun fir Gemengen, Associatiounen, ëffentlech a privat Institutiounen an aner Entitéiten. D'EBL entwéckelt ënner anerem konkret Projeten, ënnerstëtz bei der Ëmweltkommunikatioun an organiséiert Formatiounen an Infoveranstaltungen. Weider Informatiounen fannt dir um Internetsite: www.ebl.lu

En ekologeschen Dingschtwon fir de Service technique

De Fierpark vum techneschen Déngscht vun der Gemeng krut Zouwuess. Am Dezember 2020 krute mir ee wäisse VW E-Golf 5p. (100 kW, +- 136 PS) als Testauto zur Verfügung gestallt a säit dem Februar 2021 gehéiert en offiziell zu de Gemengegefieler.


Ugedriwwen duerch een 136 PS staarken Elektromotor ass den E-Golf ëmweltschonend an ideal fir déi kuerz Strecken innerhalb vum Gemengenterritoire. Ass den Elektromotor eng Kéier voll opgelueden, kënn en op eng maximal Autonomie vu ronn 180 Kilometer.

Den éischten Androck vum neien E-Golf ass méi wéi zefriddestellend an de ganze Service technique seet de Gemenge-responsabele Merci fir déi ekologesch Investitioun.



Text a Fotoen: Service technique

Fusioun Groussbus - Wal



Den 11. November 2020 huet de Groussbusser Gemengerot an hirer Sitzung eng "Décision d'intention" gestëmmt, sech also fir d'Absicht ausgeschwat, mat der Gemeng Wahl ze fusionéieren. D'Fusioun ass fir d'Joer 2023 virgesi wou och d'Gemengeréit nei gewielt ginn. D'Décision d'intention gesäit och en Referendum vir, den op de 27. Juni festgeluecht gouff.

Op de folgende Säite fannt Dir zum Thema vun der bevirstoender Fusioun Informatiounen zum Referendum esou wéi gemeinsam Beiträg vun den Memberen vun de Gemengeréit Groussbus a Wal.

Le 11 novembre 2020 le conseil communal de Grosbous s'est prononcé pour une "décision d'intention" de fusionner avec la commune de Wahl. La fusion est prévue pour l'année 2023, l'année dans laquelle il aura aussi de nouvelles élections communales. La décision d'intention prévoit aussi l'organisation d'un referendum, qui aura lieu en date du 27 juin.

Sur les pages suivantes, vous trouverez des informations sur le referendum ainsi que des articles collaboratifs par les membres des deux conseils communaux de Grosbous et Wahl concernant la fusion des deux communes.

Info Referendum


27.6.2021

De 27. Juni dëst Joer fënnt de Referendum an denen zwou Fusiounsgemenge statt, bei dem d'Awunner vun de Gemenge Groussbus a Wal sech kënnen fir oder géint d'Gemengefusioun ausschwätzen. Eng perséinlech Aluedung, mat Informatiounen zur Plaz, Auerzäit an dem richtege Wahlbüro kritt Dir, wéi üblech, virdruner heem an d'Boîte.

Bréifwahl: Betreffend d'Aschreiwungen fir d'Bréifwahl wäert eng separat Informatioun an d'Haushalter verdeelt ginn. **Mellt lech bis dohin w.e.g. nach net un, mir kënnen elo nach keng Aschreiwungen unhuelen.**

Androen op d'Wielerlëschten: **Net-lëtzebuergeg Awunner kënnen sech bis den 31. März 2021 bis 17:00 Auer an d'Wielerlëschten androe lossen**, dest unhand vun enger schrëftlecher Demande (Formular op der iwwernächster Säit) oder sur place um Populationsbüro (während den üblechen Éffnungszäiten).

Le 27 Juin cette année, un referendum sera organisé dans les deux communes à fusionner, dans lequel les habitants de Grosbous et de Wahl ont la possibilité de s'exprimer pour ou contre la fusion des deux communes. Une invitation personnelle vous informant sur lieu, heure et bureau de vote vous parviendra, comme d'habitude, dans votre boîte à lettres avant le jour du référendum.



Vote par correspondance: une information vous parviendra par un toute-boîtes au bon moment. **Nous vous prions de ne pas essayer de vous inscrire avant réception de cette information, une inscription anticipée n'étant pas possible.**

Résidents non-luxembourgeois peuvent s'inscrire dans les listes électorales jusqu'au 31 mars 2021 17:00 heures, ceci par une demande écrite (par exemple moyennant le formulaire sur la page 13) ou sur place au bureau de la population durant les heures d'ouverture de la commune.



COMMUNE DE GROSBOUS
1, rue de Bastogne L-9154 Grosbous
www.groussbus.lu



Fusion Grosbous – Wahl REFERENDUM 2021

Information concernant l'inscription aux listes électorales Information über den Eintrag in die Wählerverzeichnisse

Dans le contexte du référendum communal du 27 juin 2021 relatif à la fusion projetée des communes de Grosbous et de Wahl, nous vous informons que vous avez la possibilité de vous inscrire sur la liste électorale communale **afin de pouvoir participer au référendum** et par la suite également aux élections communales.

Les conditions à remplir sont les suivantes :

- être âgé de 18 ans accomplis au jour du référendum
- jouir des droits civils
- avoir résidé pendant au moins cinq années au Luxembourg, dont la dernière année de résidence précédant immédiatement la demande d'inscription sur la liste électorale doit être ininterrompue.

La demande d'inscription doit être déposée au plus tard le 87e jour précédant le scrutin à 17:00 heures, donc **avant le 1^{er} avril 2021**.

Si vous voulez participer plus activement à la vie communale, n'hésitez pas à remplir votre demande d'inscription moyennant le formulaire au verso (version électronique sur www.groussbus.lu).

En espérant de pouvoir vous compter parmi les électeurs participant au référendum du 27 juin 2021, nous vous exprimons nos salutations les meilleures.

***I**m Rahmen des Referendums bezüglich der geplanten Fusion der Gemeinden Grosbous und Wahl, welches am 27. Juni 2021 organisiert wird, möchten wir Sie darüber in Kenntnis setzen, dass Sie die Möglichkeit haben, sich für die Gemeindewahlen, und somit **für die Teilnahme am Referendum**, in die Wählerverzeichnisse einzutragen.*

Die Bedingungen dafür sind:

- *am Tag des Referendums das 18. Lebensjahr erreicht haben*
- *im Besitz der Bürgerrechte sein*
- *seit mindestens 5 Jahren in Luxemburg wohnen, wobei der Antragsteller in dem Jahr vor der Antragstellung ununterbrochen in Luxemburg gewohnt haben muss.*

*Der Antrag auf Eintragung in die Wählerverzeichnisse muss spätestens am 87. Tag vor der Wahl (17.00 Uhr) gestellt werden, also **vor dem 1. April 2021**.*

Wenn Sie aktiver am Gemeindeleben teilhaben möchten, zögern Sie nicht, anhand des beiliegenden Formulars Ihren Antrag auf Eintragung in die Wählerverzeichnisse zu stellen (elektronische Version auf www.groussbus.lu).

Wir hoffen Sie beim diesjährigen Referendum begrüßen zu können und verbleiben mit freundlichen Grüßen

Le collège échevinal

Der Schöffenrat





COMMUNE DE GROSBOUS
1, rue de Bastogne L-9154 Grosbous
www.groussbus.lu

KlimaPakt 
European Energy Award

Demande d'inscription aux listes électorales
pour ressortissants non-luxembourgeois pour le référendum et les élections communales

Antrag auf Eintragung in die Wählerverzeichnisse
für nicht-luxemburgische Mitbewohner für das Referendum und die Gemeindewahlen

Nom(s) et prénom(s) du demandeur / Name(n) und Vorname(n) des Antragstellers

Né(e) le / Geboren am _____ à / in _____

Domicilié(e) à / Wohnhaft in _____

Pièces à joindre à la demande / Dem Antrag beizufügen sind :

copie de l'attestation d'enregistrement resp. du titre de séjour / visa <i>Eine Kopie der Aufenthaltsgenehmigung / des Visums</i>	
copie d'un document d'identité en cours de validité (carte d'identité ou passeport national) <i>Eine Kopie eines gültigen Ausweisdokuments (Personalausweis oder Pass des Herkunftslandes)</i>	

_____ le / den _____ 2021,

Signature du demandeur / Unterschrift des Antragstellers

Veillez renvoyer le présent formulaire à l'administration communale jusqu'au 31 mars 2021
Toute demande dont le dossier n'est pas complet pour le 31 mars à 17:00 heures devra être rejetée

Vorliegendes Formular bitte bis zum 31. März 2021 an die Gemeindeverwaltung zurückschicken.
Anträge, welche am 31. März 2021 um 17:00 Uhr nicht vollständig vorliegen, können nicht
angenommen werden.



Fusioun Groussbus - Wahl



Gedanken zu enger méiglicher Fusioun tëschent de Gemengen Groussbus a Wal



D'Fusioun ass fir eis dee richtigen an domat och ee ganz wichtige Schrëtt fir d'Zukunft.


Mir sinn iwwerzeegt, dass als Fusiounsgemeng méi effikass ka geschafft ginn an domat d'**Service un eisen Awunner** verbessert ginn. Et geet net nëmmen ëm méi laang Öffnungszäite vun der Administratioun, mee och ëm ee méi rationaalt Schaffen an alle Beräicher. All déi bestoend Service ginn nitt verluer, am Géigendeel, se sollen ausgebaut ginn. D'Acquisitioun vu neie Maschinnen a Material fir de Service technique, wéi och d'ASTelle vu Personal fir déi verschidde Service si fir eng méiglech Fusiounsgemeng Groussbus-Wal méi einfach ëmzesetzen a kënnen dem Besoin ugepasst ginn. D'**Spuerpotential** ass deemno méi grouss a mat deene Sue wëlle mir d'Offer fir Iech, Grouss a Kleng, a ville Beräicher verbesseren oder iwwerhaupt emol schafen.

Aktuell an zukünftig Ufuerderungen, déi un eis als Landgemenge gestallt ginn, sinn eleng nitt méi ze stemmen.

D'**Zukunft** gehéiert net méi deene ganz klenge Gemengen. E gewëssene Wuesstem vun der Populatioun ass wichtig. Et ass awer och net eise Wunsch, iwwer Nuecht ze explodieren. Hei kommen zwou Gemengen zesummen, déi lues a lues kënnen wuessen an den Tempo am Bléck behalen.

Mir hunn eis als Schaffen op de Fändel geschriwwen fir en Aen op **Betreiungs- a Bildungsstrukturen** ze haalen. Et ass eis wichtig, dass eis Kanner och an Zukunft eng optimal Betreierung a Bildung kréien. Et ass eis Verantwortung, dofir ze suergen, dass déi dofir néidig Infrastrukturen zur Verfügung gestallt ginn. Allebéid Gemenge stoussen och hei un hier finanziell oder strukturell Grenzen! Als fusionéiert Gemenge sinn och hei realisierbar Projeten denkbar, souwuel an der Betreierungs-, Bildungs- wéi och an der Sportinfrastruktur.

Fusioun Groussbus - Wahl



D'Zäiten hu sech geännert an **zesumme** sti mir besser do fir d'Erausforderungen unzegoen. Mir, de Patrick an de Marc sti voll a ganz zur Fusioun an hoffen, Dir gitt mat eis op dee Wee.

Merci.



(Patrick Antony, Schäffen an der Gemeng Wal; Marc Goelff, Schäffen an der Gemeng Groussbus)

Fusioun Groussbus - Wahl



Fusioun vun de Gemenge Groussbus a Wal

Zesumme méi staark



Nodeems scho virun etleche Joere vill vu Fusioune geschwat gouf, ass dat Thema duerno e bëssen an den Hannergrond geréckelt.

Deemools louche vum Ministère de l'Intérieur Proposen um Dësch, déi Gemenge sou ze soe sollten "zwangsfusionéieren".

An dësem Plang ware Gemengen esouguer iwwer d'Kantonsgrenzen ewech beienee gehäit ginn, déi an der Praxis vläicht net déi beschte Kollegee waren.


Am Réidener Kanton war d'Akzeptanz fir déi Moosnamen och zimlech kleng. All eenzel Gemeng war an ass nach ëmmer duerch de Réidener Kanton an deenen eenzele Strukturen wéi z.B. Schwämm, Altersheem, OSCARE, Museksschoul a.s.w. gutt vertraueden.

D'Fusiounsgedanke sinn awer ni ganz aus de Käpp vun de Verantwortleche verschwonnen. Duerch déi gutt Relatioune mat der Gemeng Wal, wou iwwert Joeren exzellent zesumme geschafft gëtt, sinn déi Gedanken erëm nei lancéiert ginn.

Mee firwat fusionéieren, wann et och eenzel geet? **Duerch eng Fusioun kritt ee seng Kraaft "gebündelt".** "Simplification administrative" ass scho joerelaang ee grousst Thema vun der Landespolitik. Um Terrain gesäit dat awer ganz anescht aus. Ëmmer méi Pabeierkrich ass fir kleng Gemenge schwéier ze bewältegen.

Mat der Fusioun kann een déi Aufgaben op méi Schëllere verdeelen. Am Krankheetsfall oder Congé ass nach ëmmer een do, dee mat der Matière vertraut ass. Sou kann **ee bessere Service um Bierger** garantéiert ginn.

Fusioun Groussbus - Wahl



Am Service Technique kënnen sech d'Mataarbechter och op verschidde Gebidder spezialiséieren. Och wann d'Distanze méi grouss ginn um Terrain, entstinn dach Virdeeler duerch gemeinsaamt Akäfe vu Maschinnen an anerem Material.

Sécher kann ee bei enger Fusion vu Groussbus a Wal keng Servicer ariichten, déi z.B. nëmme Waassereschlëss oder Gärtnerarbechte maachen. Trotzdeem erlaabt d'Fusioun eis och do, genau wéi an der Administratioun, op méi Leit zréckzegräifen, fir e beschtméiglechen Déngscht um Bierger ze garantéieren.

Och mussen d'Gemengen **op d'Besoinë vun de Bierger agoen**. Dëst geet vu Crèche, Maison Relais, Schoul- a Sportinfrastrukturen, iwwer Velo- a Wanderweeër bis hin zu Kultur an Tourismus. Doniewt stellt och d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum mat deenen néidegen Investitiounen am Beräich Waasser respektiv Ofwaasser d'Gemenge viru grouss finanziell Eerausforderungen.

Esou Engagementer sinn an enger méi grousser Gemeng besser ze stemmen ewéi an enger klenger.

Näischt huet nëmme Virdeeler, mee mir sinn iwwerzeegt, datt eng Fusioun vun eisen zwou Gemenge sech positiv op d'**Liewensqualität** vun den Awunner wäert auswierken.



(Sylvère Welter, Schäffen an der Gemeng Wal; Armand Olinger, Schäffen an der Gemeng Groussbus)

Fusioun Groussbus - Wahl



Léiw Matbierger aus de Gemenge Groussbus a Wal,

Mir hunn eis an deene verschiddene Workshoppe vill Gedanke gemaach, wat da lo schlussendlech eng Fusioun dem Bierger dobausse bréngen kann. Well dorëms geet et jo am Endeffekt; et ass jo definitiv nitt Ziel vun deenen aktuellen zwee Gemengeréit sech hei wëllen een Denkmal ze setze mat dësem dach iergendwéi historesche Schrëtt fir di zwou Gemengen.

Ganz am Géigendeel, op mëttel a laang Sicht schafe mir eis als Politiker zumindest zum Deel of; Wann d'Fusioun zu stane komme soll, da sinn am nächste Gemengerot paritéitesch 6 Waler Verrieder a 6 Groussbusser Verrieder am gemeinsame Gemengerot. Deemno geet d'Zuel vun de Groussbusser Verrieder vun aktuell 9 op 6 erof; dat selwecht gëllt fir Wal, wou bei deenen nächste Walen och 9 Gemengeverrieder ze wäerle gewiescht wieren; bei enger méiglecher Fusioun geet déi Zuel dann och erof op 6.

Dir gesitt léif Leit, géif et eis Politiker drëm goe coûte que coûte un eise Poste pechen ze bleiwen oder eis eegen Interessen an de Virdergrond ze stellen, da wiere mer mat dëse Fusiounspläng ganz schlecht beroden. Deem ass awer Gottseidank nitt esou, ëmsou interessanter ass den Ëmstand, dat bei deenen aktuelle Gemengeréit Leit dobäi sinn, déi déi éischte Kéier an e Gemengerot gewielt goufen an déi trotzdeem mat hire Kolllegen, déi scho méi laang dobäi sinn, e breede Konsens bei de Fusiounsgesprécher fonnt hunn.

Zréck zu eiser eigentlecher Fro: **Wat bréngt dem Waler an dem Groussbusser Bierger eng Fusioun vun hiren zwou Gemengen?**

Ofgesi vun der Tatsaach, datt mer mat dëser Fusioun zur **véiert gréisster Gemeng am Kanton** Réiden ginn, an domadder och **politesch méi Matsproocherecht** an de kantonale Gremie kréien, wat nëmme zum **Wuel vun eiser Populatioun** ka sinn, sou wäert an eisen Aan dës Fusioun och um Terrain selwer ganz konkret fir jidderee vun eis ze spiere sinn.


Mir denken, dat d'Zesummeleë vun eisen zwou Verwaltungen an eisen zwee techneschen Déngschter nitt direkt zu Aspuerunge beim Personal féiert, mee dat mer eis **Zerwisser vill besser opgestallt an organiséiert** kréien. Op eis Gemengen an op hiert Personal sinn an de leschte Joren ëmmer méi Aufgabe vu Säite vum Staat operluecht ginn; wat fir grouss Gemenge mat ville Salariéë méi liicht ze stemmen ass ewéi fir kléng Landgemenge à la Groussbus oder Wal.

D'Erwaardungshaltung beim Bierger ass och an de leschte Jore gewuess an dat zu Recht: et kann a soll dem Bierger egal sinn, ob en zu Réimech, an der Staat, zu Kéiber oder zu Dellen wunnt; all Bierger huet, egal wou hi wunnt, Recht op di selwecht Zerwisser, Recht op di selwecht **schoulesch, sportlech oder kulturell Infrastrukturen**. Eis zwou Gemengen hunn numol awer manner finanziell Mëttel ewéi gréisser Gemengen am Zentrum oder am Süde mat groussen Industriezonen, an duerfir schéngt et eis ëmsou méi wichteg eis Stärkten an och eis Schwächen zesummen ze leeën, fir dorausser **gemeinsam méi performant** ze ginn.

Et kann am Joer 2021 nitt méi sinn, dat de Bierger virun enger zouener Gemengendier steet oder säin Uleies nitt ka virbréngen, well den zoustännege Beamten am Congé ass oder krank gemellt ass. Mam Zesummeleë vun deenen zwou Verwaltungen wäert et méiglech ginn e Backup fir all Funktioun ze schafen, fir dat ebe grad dës onglécklech Situatioun sech nitt méi stellen.

Besounesch awer beim techneschen Déngscht, stelle mir eis vir, dat de Schafferot d'Aarbechter op verschidden Zerwisser jee no Qualifikatioun kann opdeelen, déi sech dann an hirer Aarbicht kënne spezialiséieren a virubilden. Als bescht Beispill sief Drénkwaasser- versuergung genannt, wou de Gemengen eng Schlüsselroll zoukéint als Liwwerant vun engem primäre Liewensmëttel; een aneren Zerwiss kéint sech exklusiv em d'Gemengeweeër këmmen; e Service Jardinage em d'Grünanlagen asw.

Fusioun Groussbus - Wahl



Eis Gemenge fonctionéieren (nach) fir de Moment ganz gutt an et soll och kengesfalls hei den Androck opkommen, mer wéilten di aktuell Funktiounsweis kritiséieren.

Et geet vill méi drëm eis administrativ an technesch Zerwisser **méi effizient fir d'Zukunft opzestellen** an domadder engersäits dem Personal d'Aarbecht z'erlichteren, an anerersäits dem Bierger nach eng besser Déngschtleeschtung unzebidden, ewéi hien se elo scho virfënnt.



*Roger Gereke
Conseiller Groussbus*



*Maggy Glesener-Haas
Conseillère Groussbus*



*Jean-Paul Neiertz
Conseiller Wal*

Kommt schwätzt mat iwwert eng méiglech Fusioun Groussbus-Wal

Beim Optakt vun den Diskussiounsowenter zum Projet vun enger eventueller Gemeengefusioun Groussbus-Wal haten sech vill interesséiert Matbierger zu Gréiwels am Centre Nei Brasilien afonnt, dëst natierlech am Respekt vun de néidege sanitäre Reegelen.

No der Begrëssung an engem kuerzen Historik vun der Waler Buergermeeschtesch Christiane Thommes-Bach war et un deenen eenzele Gemengeréit, sech virzestellen an hier jeeeweileg Vue vun enger méiglecher Fusioun duerzeleeën.

Nodeems de Groussbusser Buergermeeschter Paul Engel d'Resultat vun enger Stärkten- a Schwächen-Analys vu béide Gemeenge presentéiert hat, konnten d'Awunner vu Gréiwels, Brattert a Randschelt hier Froen zu deene verschiddensten Aspekter vun enger méiglecher Fusioun stellen.

Et huet sech am Laf vum Owend e flotten a liewegen Dialog tëscht de Bierger an hieere gewielte Verrieder entwéckelt, deen och bei deenen nächsten Owender an aneren Dierfer weider gefouert soll ginn.



Text a Fotoen: Roger Gereke



News

Är Wäschmaschinn funktionéiert net méi?
Déi kann nach gefléckt ginn oder musst
Dir ieren eng nei kafen?

- › Da profitéiert vun enger Primm vun 100 € op ärem neie Gerät an och elo ganz nei: eng Primm bis zu 100 € op der Reparatur vun engem A+++ Gerät*

Frigo, Tiefkühler, Kombigerät **A+++**

100 € (neit Gerät)

bis zu 100 € (max 50% vun der Reparatur)

Wäschmaschinn **A+++**

100 € (neit Gerät)

bis zu 100 € (max 50% vun der Reparatur)

Trockner **A+++**


100 € (neit Gerät)

bis zu 100 € (max 50% vun der Reparatur)

Spullmaschinn **A+++**

100 € (neit Gerät)

bis zu 100 € (max 50% vun der Reparatur)



Bedingungen

- › Nëmme fir Awunner aus dem Réidener Kanton
- › Fir A+++ Geräter
- › All aalt Gerät mussst entsuert ginn (Gemeng, Sidec, Elektriker)
- › Prime kann pro Gerät eemol all 10 Joer ugefrot ginn
- › Rechnung därerf net méi aal wéi 1 Joer aal sinn

* De Formulaire an déi genau Konditioune fannt Dir op eisem Site www.energieatelier.lu

INFOLINE
26 62 16 48

primes@energieatelier.lu

Den Energieatelier, e Service vum Réidener Kanton



KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

Find us on 

www.energieatelier.lu

Esou net...



Fotoen: Service technique



CONSIGNES DE TRI


BIODÉCHETS

SEULEMENT
BIODÉCHETS SOLIDES

Oeufs / coquilles



Nourriture cuite



Autres déchets de cuisine




Déchets de jardin



VERRE CREUX

SEULEMENT
VERRE CREUX

Bocaux



Verres blancs




Verres colorés



VIEUX PAPIERS

SEULEMENT VIEUX
PAPIER PROPRES


Papiers



Journaux / magazines



Emballages en carton



EMBALLAGES

SEULEMENT EMBALLAGES VIDES
MAX. 5 LITRES

Bouteilles et flacons en plastique



Emballages métalliques



Cartons à boissons



Pots, gobelets et barquettes en plastique **NOUVEAU**



Films et sacs en plastique **NOUVEAU**



www.sidec.lu

www.valorlux.lu



Niklosfeier 2020

De Kleeschen a säi Gesell hu sech et net huele gelooss, och dëst Joer di Groussbusser Schoulkanner ze besichen an hinnen eng kleng Freed ze maachen - dat Ganzt natierlech am Respekt vun de sanitäre Virschrëften.

No der Visitt an der Schoul huet dem Kleesche säi Wee dunn duerch d'Duerf bei di kleng Kanner gefouert, fir hinnen och eng Titche bei d'Hausdier ze bréngen.

Foto & Text: Marc Goelff





Uewen an Ënnen: De Kleeschen am Cycle 1 (Fotien: Caroline Bernard)



Rentnerfeier 2020 - Éierung vun de Jubilaren

Déi traditionell Rentnerfeier huet 2020 leider missen ausfallen. Dofir kruten all d'Jubilaren aus der Gemeng eng Corbeille heem bruecht.

Fotoen Carole Weber



myenergy
Luxembourg

Haben Sie schon einmal über nachhaltiges Fahren nachgedacht?

myenergy unterstützt Sie bei all Ihren Bemühungen in Richtung nachhaltige Mobilität:

- die Optimierung der Verkehrsmittel für Ihre täglichen Fahrten
- Besseres Verständnis von Elektrofahrzeugen, deren Ladeinfrastruktur und den verfügbaren staatlichen Beihilfen
- eine sachliche und objektive Bewertung der Kosten und des ökologischen Fußabdrucks Ihres Fahrzeugs

Vereinbaren Sie einen Termin mit Ihrem myenergy-Berater, der Ihnen gerne diesbezüglich alle Fragen beantwortet.



Co-funded by
the European Union

8002 11 90

myenergy.lu

Partner für eine nachhaltige
Energiewende



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Buergbrennen zu Dellen

Trotz Coronazäit wollt d'Deller Amicale d'Traditioun vum Buergbrennen oprecht erhalen a konnt soumat fir e bëssen Normalitéit suergen. An enger motivéierter an ambitionéierter Ekipp gouf iwwert den Dag d'Buerg opgeriicht, éiert et owes Zopp gouf, déi d'Leit op d'Plaz konnte siche kommen.

D'Deller Amicale seet jidderengem, deen Deel geholl huet, ee grouse Merci!

Fotoen: Ronny Grüneisen



Buergbrennen zu Groussbus

D'Amicale vun de Pompjeeën Groussbus anno 1847 hunn sech et net huele gelooss, trotz Pandemie, dat traditionellt Buergbrennen oofzemaal.

Vill Leit hu schon am spéide Nomëtteg vum Drive-In take away profitéiert fir sech e gudden Ierbsebulli oder eng lecker Mettwurst schmaachen ze loossen. Géint der Owend ass dunn d'Buerg covid-bedingt ouni traditionellen Fakelzuch ugefaange ginn, woubäi di Busser Leit vun doheem aus deem spektakuläre Feier nokucke konnten.

Text: Roger Gereke;

Fotoen: Roger Gereke, André Stefanetti, Jean-Pierre Tholl



tholl j. p.

Schoulaktivitéiten

Liichtmessdaag:
D'Kanner aus dem Cycle 1 hu Lampionen gebastelt

Fotoen: Groussbusser Schoul





Schlittfuere mat de Kanner aus dem Cycle 1



Fotoen: Groussbusser Schoul



Chantiersrubrik

Fotoen: Jean-Pierre Tholl

Schantjen an der Rue de Bastogne

Phase 1



Phase 2





Phase 3




Chantiersrubrik

Fotoen: Service technique


Schantjen an der Rue de Bastogne



Renovatioun vun der Kichen am Parhaus



Bistro - Café social



Poller op der Kräizung "Rue de Wiltz / Rue d'Ettelbruck"



Fir eng gréisser Secherheet vun de Foussgänger a besonnesch d'Schoukanner gouffen laanescht den Trottoir op der Kräizung Rue de Wiltz - Rue d'Ettelbréck Polleren installéiert.

Nei Beliichtung beim Prommenhaff



Manifestationsskalenner

März

- 08/03/21 19:00h Diskussiounsowent Fusioun (Wal)
- 10/03/21 19:00h Diskussiounsowent Fusioun (Groussbus)
- 15/03/21 19:00h Diskussiounsowent Fusioun (Groussbus)
- 20/03/21 Kleedersammlung – Aide aux enfants
handicapés du Grand-Duché
- 22/03/21 19:00h Diskussiounsowent Fusioun (Gréiwels)
- 27/03/21 Grouss Botz
- 29/03/21 19:00h Diskussiounsowent Fusioun (Groussbus)
- 30/03/21 19:00h Diskussiounsowent Fusioun (Bëschrued)

Abrëll

- 30/04/21 Vernissage Konschtausstellung "Petit Pas de Deux" mat
Liesung a Musék (Org. Kulturkommissioun)

Mee

- 09/05/21 Pouletsfest (Pompjeesbau)
- 23/05/21 Groussbusser Kiermes

Juni

- 01/06/21 Informatiounsowent Fusioun mam Inneministär
an dem Syvicol
- 03/06/21 Informatiounsowent Fusioun mam Inneministär
an dem Syvicol
- 22/06/21 Te Deum zu Groussbus
- 27/06/21 Referendum

Duerch d'Mesure géint d'Verbreedung vum Covid-19 si Fester an de Gemengesäll bis op Weideres just ënnert de bekannte Sécherheetsmoosnamen (Ofstand anhalen, Masken,...) erlaabt.

Mir biede jiddereen, sech un dës Mesuren ze halen, fir sech selwer, awer och d'Leit ronderëm net onnéideg a gesondheetlech Schwierigkeeten ze bréngen.

Éischt Hëllef-Cours zu Groussbus

Cours de premier secours à Grosbous

Léiw Leit



Wei bekannt rett éischt Hëllef Liewen. Awer leider si vill Leit sech onsécher fir ze hëllefen, duerfir proposéieren d'Pompjeeën mat der Gemeng een 1. Hëllefkur hei an der Gemeng, fir engem déi Onsecherheet ze huelen. Mir organiséieren 4 Samschdeger, vun 8.00 bis 12.00 Auer mat engem Instrukter vum Cgdis een 1 Hëllefkur:

Den 26. Juni, 3 Juli, 10 Juli an den 17 Juli.

Des Formatioun as natiirlech gratis.

Virumeldunge kennt Dir maachen per SMS oder per Mail beim

Flick Philippe 621 160 345, oder fleop@pt.lu

Merci, mir hoffen ob Är Präsenz.



Cours de premier secours en langue française

Sur demande, un cours de premier secours en français peut être proposé en automne par les sapeurs pompiers. Nous nous réjouissons de votre participation!

Pinnwand



Par ATERTDALL - Sainte CLAIRE

CENTRE PAROISSIAL: Tél.: 23 62 10 53 Adresse: 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
 E-Mail: atertdall@cathol.lu Site: <https://cathol.lu/atertdall>
 NEI Kontosnummer: **BCEELULL LU57 0019 5055 9545**

4000 / Kierchefong – Par Atertdall

MASSBESTELLUNGEN / COMMANDE DE MESSES: Tel: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu

NOUT-TELEFON > Equipe vun der BEGRIEFNISPASTORAL Tel. 621 686 102

TÉLÉPHONE D'URGENCE > EQUIPE DES FUNÉRAILLES tél. 621 686 102



Faaschtenzäit 2021

Faaschtekonferenzen an der Kierch zu Réiden
 Sonndes vun 17:00 bis 18:00 Auer

« Ad Fontes Fidei »

Zu de Quelle vum Glaf - Aux sources de la foi

07.03.2021 **Mme Renée Schmit,**
 Déléguée épiscopale à l'Évangélisation et la Formation diocésaine
Um Wee vun der (Nei)Evangeliséierung

14.03.2021 **Mgr Leo Wagener,** Weibëschof a Generalvikar vu Lëtzebuerg
Ad Fontes Fidei - Zu de Quelle vum Glaf !
 18.30 HI. Mass mam Mgr Leo Wagener

Conférence en français à l'église de Redange de 17 à 18 h
21.03.2021 **Abbé Vincent Billot,** Subsidiaire dans la Paroisse Sainte-Claire
La foi et la conversion du regard

Aschreiwen iwwert e-mail: jjf@scj.lu oder Telefon 661 746 852
 Inscriptioun s.v.pl. par e-mail: jjf@scj.lu ou téléphone 661 746 852
Konferenzen kann een och lauschteren iwwer Facebook
Les conférences seront accessibles sur Facebook
<https://www.facebook.com/atertdall>





INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

EIS AKTUELL OFFEREN ZU GROUSSBUS

WWW.LIEWENSUFANK.LU

Alles ronderëm Schwangerschaft, Eltere ginn an Eltere sinn, Couren, a Workshopen. All Infoen an Datumer fannt Dir op eiser Websäit oder op eiser Facebook Säit.



facebook.com/InitiativLiewensufank
www.liewensufank.lu



Tout autour de la grossesse, devenir et être parents, les cours, et ateliers. Vous trouvez toutes les informations et dates sur notre site web et notre page Facebook.

Kurse vor Ort, mit Babys und Kleinkindern

Pikler® SpielRaum (3-24 M., DE/LU)

Kinder können frei und ohne Anleitung den sicheren Raum spielend erforschen. „Autonom, aber nicht allein. Für die Persönlichkeitsentwicklung des Kindes ist ein nicht angeleitetes, freies, selbstständiges Spiel von unermesslicher Bedeutung. Kinder finden eine ihrem Alter angepasste vorbereitete Umgebung vor, in der sie ihrem Interesse nach Bewegung, Spiel und Ruhe nachkommen können. Bei der Pädagogik Emmi Piklers geht es nicht nur um die Erkenntnisse ihrer Forschung, sondern auch um die Haltung gegenüber dem Kind.“



ONLINEKURSE

In der Schwangerschaft: Fit for 2 (DE/LU)

Aktiv bleiben in der Schwangerschaft und die Durchblutung fördern. Für alle werdenden Mütter, die auf sanfte Art und Weise ihre Ausdauer, Koordination, Gleichgewicht und auch die Beckenbodenmuskulatur trainieren möchten. Ein fortlaufender Kurs, in den Sie jederzeit einsteigen können.




Stillvorbereitung (LU/DE)

Alles zum Thema Stillen bereits entspannt vor der Geburt erfahren. Alle wichtigen Informationen für einen optimalen Start beim Stillen werden in Theorie und Praxis behandelt. Informiert zu sein heißt, wissen wie das Stillen funktioniert, wie mit Problemen umzugehen ist und wo man Hilfe bekommt.



Nach der Geburt: Rückbildung (DE/LU)

Für Teilnehmerinnen ab ca. der 2. Woche bis 6 Monate nach der Geburt, die nach der Geburt wieder allmählich in Form kommen möchten. Problemen wie Senkungen und Inkontinenz können vorgebeugt werden, die Bauchmuskulatur wird allmählich wieder gekräftigt. Zusätzlich bekommen Sie Erklärungen über die normale Entwicklung des Babys. **Babys sind im Kurs herzlich willkommen!**



Für (Groß-) Eltern:

Erste Hilfe am Kind (DE/LU)

Crash-Kurs - Eltern lernen das richtige Reagieren in Notfällen, auch lebensrettende Maßnahmen und wie man dem Kind am besten und schnellsten helfen kann.



Unsere kostenlose „Baby Hotline“ können Sie anrufen, falls Sie Fragen haben oder Unsicherheiten rund um die Themen Schwangerschaft, Geburt, Elternschaft und Stillen.



Baby Hotline
TEL.: 36 05 98





Aide aux Enfants Handicapés du Grand-Duché

Asbl reconnue d'utilité publique
R.C.S. Luxembourg : F5473

RAMASSAGE DE VÊTEMENTS

TEXTILES ET SOULIERS DE TOUS GENRES

GROSS KLEEDERSAMMLUNG

ALL ZORT VUN TEXTILIEN A SCHUNG

**COMMUNE DE
GROUSBOUS
20/03/2021**

Ne pas sortir les sacs la veille .

A partir de 8 heures du matin

Tous les vêtements seront réutilisés .

MERCI DE VOTRE AIDE

Net schon owes Tooten eraussetzen.

Vun 8 Auer mueres un.

All Kleeder gin ërem verwäert.

MERCI FIR ÄR HELLEF

307A, rue Woivre L-4687 DIFFERDANGE

- bureau tél.: 621 666 554 - 621 811 222



Unser neues Winterprogramm ist erschienen – hier ein kleiner Einblick.
Bitte beachten Sie, dass wegen der aktuellen Situation mehrere unserer Aktivitäten nur unter Vorbehalt stattfinden können. Wir danken Ihnen für Ihr Verständnis.

Voici un petit aperçu de notre nouveau programme d'hiver.
Veuillez noter qu'en raison de la situation actuelle, plusieurs activités ne peuvent avoir lieu que sous réserve.
Nous vous remercions de votre compréhension.

MÄRZ / MARS

KONFERENZ – RENTE UND WAS DANN

Mittwoch, den 03. März

KONFERENZ - EINBRUCH

Dienstag, den 09. März

MUSÉE DE LA POLICE VISITE GUIDÉE

Mercredi le, 10 mars

LAPIN DE PÂQUES EN BOIS FAIT À LA MAIN

Lundi le, 15 mars & le 22 mars

ARRANGEMENT FLORAL POUR LE PRINTEMPS

Vendredi le, 19 mars

APRIL / AVRIL

FRÉJOERSPATT MAM CLUB ATERTDALL

Samedi le, 24 avril

MUSÉE À PEPPANGE MUSÉE RURAL ET ARTISANAL – FORGE ET MÉTALLURGIE – CALÈCHES VISITE GUIDÉE

Jeudi le, 22 avril

Unser komplettes Programm
finden Sie in unserer Broschüre
oder im Internet www.help.lu

Für weitere Informationen sind
wir gerne für Sie da.

T.: 27 55-33 70





Bummelbus



Domicile 

 **Centre de vaccination**

Phase 2 vum nationalen Impfplang leeft un. De Service Bummelbus proposéiert all den Awunner aus de Partnergemengen, déi hiren Rendezvous am Impfzenter Ettelbréck gemaach hunn, den Transport z'assurieren!

La phase 2 du plan national de vaccination débute de ce fait le service Bummelbus propose aux habitants des communes partenaires ayant pris un rendez-vous au centre de vaccination d'Ettelbruck d'assurer le transport!



Forum
pour l'emploi.



Réservation du trajet

Téléphone : 26 80 35 80
E-mail : bummelbus@fpe.lu
Via l'App Bummelbus

À qui s'adresser ?

SAVVD | Femmes en Détresse asbl
Service d'assistance aux victimes
de la violence domestique

B.P. 1024 | L-1010 Luxembourg
T. 26 48 18 62 | F. 26 48 18 63 | contact@savvd.lu
www.fed.lu

S-PSYea | Femmes en Détresse asbl
Service psychologique pour enfants et adolescents
victimes de violence domestique

B.P. 1024 | L-1010 Luxembourg
T. 26 48 20 50 | F. 26 48 18 63 | contact@psyea.lu
www.fed.lu

Riicht Eraus | Croix-Rouge
Service prenant en charge les auteurs
de violence domestique

73, rue Adolphe Fischer | L-1520 Luxembourg
T. 27 55 58 00 | F. 27 55 58 01 | riichteraus@croix-rouge.lu
www.croix-rouge.lu/riichteraus

Pour toute information : [violence.lu](http://www.violence.lu)

Le site www.violence.lu renseigne en détail sur le dispositif d'aide aux victimes et aux auteurs de violence domestique. En effet, l'État est conventionné avec des associations partenaires qui aident à atteindre l'objectif d'endiguer le phénomène de la violence domestique et de proposer ainsi un encadrement psychosocial de qualité.

Éditeur : Ministère de l'Égalité des chances
Bureaux : L-2921 Luxembourg
Accueil : T. 24 78 58 06 | F. 24 18 86
Email : info@mega.public.lu
www.mega.public.lu

*La violence domestique
fait du mal à toute la famille.*



www.violence.lu



MINISTÈRE DE L'ÉGALITÉ
DES CHANCES



DONNONS UNE CHANCE À L'ÉGALITÉ
DES FEMMES ET DES HOMMES!

Fotoen aus der Gemeng an Emgéigend



An dëser Rubrik fannt Dir Fotoen aus eiser schéiner Gemeng. De Schäfferot seet jiderengem ee grouse Merci, dee sech un dëser Aktioun bedeelegt.

Dir kënnt eis och weiderhi gäre Fotoen op folgend E-Mail schécken: c.buet@groussbus.lu.

Sief et eng Foto vun engem Wiederspektakel (Reebou, Schnéi,...), vun Déieren an der Ëmwelt oder einfach aus den Dierfer vun der Gemeng, all Foto ass gär gesinn.

Foto lénks: Andre Stefanetti

Foto ënnen: Bléck op Groussbus (Foto: Reinert Raymond)



Nee, dat ass net Stonehenge.

Dës Foto (riets) an déi ënnendrënner gouffen zu Randschëlt (Gemeng Wal) am Januar 2021 gemaach a weisen de Rantschëlter Meditatiounspad. De Wee huet 12 Statiounen an ass 1,5 km kuerz.

Wien Interesse huet de Wee ze probéieren, fënnt d'Kaart z.B. op:

<https://luxembourg.public.lu/de/tourismus/aktivitaten/wanderungen-ii-osling-guttland-rote-erde.html>

Fotoen riets: Andre Stefanetti




Fotoen aus der Gemeng an Emgéigend

Fotoen uewen a lénk: Carole Weber



grouss Foto Mëtt: Gewan bei Dellen (Andre Bauler)





